## Konditioune vum Concours:

**Allgemenges:**
Dëse Concours ass organiséiert vum LEADER Wëlle Westen (43, Grand-Rue L-8510 Reiden), der Asbl Vibrerlocal (Jos Seyler Strooss 6, L-8522 Biekerech) an der Asbl De Kär (Huewelerstrooss 103, L-8521 Biekerech).

**Dauer vum Concours:**
De Concours fänkt den 9. Juli 2023 un, dauert 10 Wochen an hält de 17. September 2023 op. Matmaache kann all Projet deen tëschent dem 17. Juni 2023 an dem 17. September 2023 um Site www.vibrerlocal.lu agedroe ginn ass.

**Matmaachen:**
Matmaache kann all Kommissioun, Veräin oder Privatpersoun déi hire Sëtz um Gebitt vun enger vu folgende Gemengen huet: Biekerech, Ell, Groussbus, Mäerzeg, Préizerdaul, Rammerech, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten, Wal. Matmaachen kann ee mat all Form vu Projeten déi dem Allgemengwuel an der Regioun déngen. De Mindestalter vun der Persoun oder dem President vun der Vereenegung déi well matmaachen, bedréit mindestens 18 Joer.

**Gewënn:**
De Präis ass ee Video vu max. 3 Minutte Längt, dee vun enger professioneller Marketing Firma ausgeschafft gëtt, souwéi eng Berodung vu max. 3 Stonnen Dauer zu engem Datum dee mam Gewënnerteam festgeluecht gëtt, duerch eng professionell Marketing Firma.

**Wiel vum Gewënner-Projet:**
De Gewënner-Projet gëtt unhand vun folgende Krittären ermëttelt (Unzuel vun Aktivitéiten, Kommentaren, Follower a Punktzuel vum Projet (déi de Site aus der Bewertung duerch aner BenotzerInnen erstellt)) an an enger Jury, bestoend aus lokalen Acteuren nom Oflaf vun der Frist decidéiert. De Rechtswee ass ausgeschloss.
Nom Oflaf vun der Frist an der Decisioun vun der Jury gëtt de Gewënner per Email an Telefon benoriichtegt.

**Beispiller vu Projeten:**
Matmaachen kann ee mat all Form vu Projeten déi dem Allgemengwuel an der Regioun déngen: Eventer déi järlech oder och just eemol stattfannen, Verbesserung vun enger bestemmter Situatioun an enger Gemeng / Uertschaft fir d'BiergerInnen, Emsetzung vun engem Geschäftsmodell deem dem Allgemengwuel nëtzt,...

**Dateschutz:**
All Donnéeën déi am Kader vun dësem Concours opgehuewe ginn, ginn dem gesetzleche Kader no traitéiert a net un Drëtter weider vermëttelt. Date ginn ausschliisslech fir d'Verwennung an dësem Concours gespäichert a nom Oflaf vum Concours geläscht. All Donnéeën déi de Veräin, d'Kommissioun, d'Privatpersoun op vibrerlocal.lu agitt, bléiwen um Site bis déi responsabel Persoun vum Projet se selwer eraushëllt. All Persoun oder Institutioun déi bei dësem Concours matmëscht erkläert sech mat der Späicherung vun hiren Daten no dëse Konditiounen averstanen.

## Kontakt:

Fir Froen zu dësem Concours:
LEADER Wëlle Westen
T: 28 33 49 10
E: wellewesten@leader.lu

Fir Froen zur Plattform:
Vibrerlocal asbl
E: info@vibrerlocal.com